

Evangelium vum 16. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)

Mk 6,30-34

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- 30 D'Apostelen, déi de Jesus erausgeschéckt hat,
sinn nees bei him zesummekomm
an hunn him alles erzielt, wat si gemaach a wat si d'Leit geléiert haten.
- 31 Du sot hien zu hinnen:
"Kommt mat op eng ofgeleeë Plaz, wou dir fir iech sidd,
a rascht e bësschen!"
Et sinn nämlech esou vill Leit komm a gaang,
datt si net emol Zäit fonnt hu fir z'iessen.
- 32 Du sinn si mam Naache fortgefuer op eng ofgeleeë Plaz,
wou si fir sech waren.
- 33 Ma eng Rei Leit hunn si gesi fortfueren,
a vill sinn der et gewuer ginn.
Zu Fouss sinn si aus alle Stied mateneen dohinner gelaf,
an si waren nach virum Jesus an den Apostelen do.
- 34 Wéi de Jesus aus dem Naache geklomm ass,
huet hien all déi Leit gesinn.
Et huet him am Häerz wéigedoen,
well si ware *wéi Schof,*
déi keen Hiert hunnⁱ,
an hien huet ugefaang, si villes ze léieren.

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*

ⁱ Num 27,17; Jdt 11,19; 2 Chr 18,16.